

Armação de Pera

Zanter enger Stonn leeft di Méck op der plakeger Bir hin an hier; wéi opgezunn.

Hie wollt ëmmer e Schiirm kafen fir drun, en einfache, wäisse Schiirm, mä 't as ni derzou komm; odder – wann en éierlech as – well iirgendeppes an him war, dat him gesot huet: 'T as nët derwäert.

Elo, wou en hei um Bett läit an d'gepaakte Waliss bei der Dir steet, weess hien, datt dat ëmmer an him war: 'T as dach nët derwäert.

Armação de Pera. Hien as nach hell waakreg, mä 't as him, wéi wann deen Numm aus enger anerer Welt kéim; besonnesch elo.

Wéi wäit läit dat alles hannerun him! Déi kleng wäiss Häipen hannert de Jasminshecken, di kleng Stroossen, knobbeleg a voller Miersand, di puer Hotelen, déi him, dem Fëscherbouf, bäibruecht hun, datt d'Welt nach aus eppes anesches bestéing, as wéi aus séngem Nascht an der Algarve, aus de faarwege Fëscherbooter, aus dem Netzerflécken.

Wann se kurz no Sonnenopgank mat den Traktere koumen an d'Booter erop op de wäisse Sand gezunn hun, iwwer geschielte Pinie-stämm, déi vir ënnert d'Boot geluegt an hannen nees séier ewechgezu gowen, da stoungen ëmmer schons e puer Friemer aus den Hotele bei der grousser Wo, wou d'Fësch versteet goufen; fir nozekucken an nozelauschteren, wann deen ale Ricardo, wéi aus engem Maschinengewier d'Präisser erfogesteet huet an d'Fësch biddeweis un d'Familjen, di kleng Fëschrestaurant'en an un d'Hotele goungen.

Säi Papp an hien hun dann der Mamm d'Escudoën an och e puer Fësch gin, d'Schwëstere koumen erbäi an hun eng Hand mat ugepaakt fir d'Netzer ze dréchnen an och ze flécken, 't gouf e Schotz Wäi gedronk an e Maufl giess, an da géint Mëtteg as et heem gaang.

De Bacalhau odder d'Sardinehas assadas hu schon an de Gaasse geroch an iwwerall virun den Häipe souzen d'Fëscher z'essen; vun deem wat se gefaangen haten. An heinsdo ware Borschten am Duerf, déi aus der Friemd koumen, an déi vu Länner erzielt hun, wou d'Geld op de Kéip léig.

D'Olivia war dat éischt vun hinnen, dat goug; duerno huet d'Maria säi Bëndel gepaakt. D'Mamm huet all Kéier haart gekrasch, an de Papp huet de ganzen Dag un him erëmgeknotert.

Hie goug als drëtten. Well dem Olivia säi Manuel him Chrëscht-dag viru véier Joër erzielt huet, wéi et hei wir, an datt hien och beim Manuel séngem Patron ënnerdag kéim.

De Papp huet näischt gesot an huet dee Jéngste mat an d'Boot geholl. Haut wäerd de Mario der siechzéng sin.



D'Méck op der Bir sëtzt zanter e puer Minuten ewéi doudeg do; wéi wann s'op eppes geing lauren; wéi wann si d'Spann wir. E misst d'Luucht einfach ausman; muer gin et Fréibiren.

Armação de Pera. Hien hat et an den éischte Méint hei bal ganz vergiess. De Manuel hat recht, 't war villes anescht hei, mä 't gouf verdéngt. An 't huet een sech nët eleng gefillt, well hei am Dall huet ee bal keng aner Sprooch héiern, ewéi séng eegen.

Beim Miguel gouf et Wäi vun doheim an dem Pedro séng Fra hat an hirem Buttéck alles wat d'Portugiesen, d'Spuenier an och d'Italiéiner

gebraucht hun. Mä d'Spuenier an d'Italiéiner waren och schon nëmme méi e Grapp voll; nët zu méi, wéi di puer Lëtzebuerger, déi nach hei waren.

Hien hat der ni vill kennegeleiert. Op dem Bau war een ënnert sech, beim Miguel gouf nëmme portugiesesch geschwat, an do huet hie fir d'éischt erlieft, wéi ganz anescht séng Sprooch aus der Algarve geklungen huet, wann een se mat d'äer aus der Géigend vu Porto verglach huet. A Sonndes mëttes stoungen s'op der Bréck téschent deenen zwee Tieren an hun dervu geschwat, datt elo alles ganz anescht géif, a Portugal.

Mä do war nach eppes. Him huet enges Daags d'Mier gefeelt, an d'Sonn. Wann hie laanscht di héich Fielsen eropgekuckt huet, déi éiweg hire Schiet op d'Haiser heienne geworf hun, da war et him, wéi wann s'op eemol getroll kéimen, fir hien ënnert sech ze begruewen. An dann dee Reen, deen deeglaangen, kale Reen!

Virun engem Mount as de Papp nët méi heemkomm. Kee wouss, wat mat him dobaussen um Mier geschitt as, huet d'Mamm geschriwwen. D'Olivia huet him de Bréif virgelies. D'Mamm an d'Olivia konnte schreiwen a liesen. De Mario hätt verzielt, de Papp wir op eemol nët méi am Boot gewiescht.

D'Mamm brauch mech, sot hie virun e puer Deeg zum Olivia, an hien huet gemengt, wéi wann de Manuel näischt dergéint hätt, wann e géing. Dee kritt säin Zëmmer elo bestëmmt méi deier un en anere weiderverlout.

Armação de Pera. Zwee Deeg ënnerwee mam Afonso séngem Bus, dann as en nees doheim. Deemools haten s'all gemengt, hie kéim ni méi zrëck. E Méindeg as en nees do. Hie wees nët, op et richtig as, mä d'Mamm geet elo vir. An dann as och nach d'Joana do, dat vläicht nach nët bestuet as. Véier Joër sin sou eng laang Zäit.

D'Bir huet liicht geziddert. D'Méck jauft wéi benzeg ronderëm.

Kurz virun Hallefnuecht flitt de "Béinchen" an d'Luucht.

De Manuel huet deen Doudege mueres fréi aus dem kapotten Zëmmer gedron.

josy braun